

Präsentatioun vum Budgetsprojéit 2019 am Kader vun der Gemengerotssitzung vum 5. Dezember 2018 duerch de Buergermeeschter Paul Weimerskirch

Schëffleng zesumme plangen an developpéiere fir nei Perspektiven, fir nei Chancen

Dir Dammen an Hären,

léif Frënn

Haut steet de Budget fir 2019 am Bléckpunkt! Eng finanztechnesch Fro, awer och dat Dokument, wat déi politesch Intentioun fir dat kommend Joer erëmispigelt a festleet. Leschtenendes steet oder soll de Budget och stoe fir d'Verbesserung vun der Wunn- a Liewensqualitéit an der Gemeng. E Budget, deen mat vill Viraarbecht, no villen Diskussiounen a Gespréicher mat de Servicer, mat de Kommissiounen opgestallt ginn ass. E Budget, deen de Virgabe vum Ministär Rechnung dréit, an deen net lassgeléist vun der economescher Situatioun vum Land fixéiert ginn ass. Vill Parameter hunn een Afloss op eise Budget.

An ech sinn iwwerzecht, datt Dir mat mir eens sidd, datt eise Budget och duerch de Wuesstem vun eiser Populatioun influencéiert gëtt: 1990 waren an eiser Uertschaft knapp 6800 Awunner registréiert – fir de Budget 2010 knapp 10 000 Matbierger, a mir sinn elo bei iwwer 11000. Innerhalb vun 28 Joer deemno een Zouwuess vun iwwer 4200 Leit. Dës Augmentatioun huet ouni Zweifel eng Influenz op eis Liewensqualitéit, op eis Infrastrukturen, op d'Verkéisersopkommen an op d'Déngschtleeschungsservicer.

Déi aktuell Situatioun / Masterplang

Eis Gemeng huet net nëmmen e Populatiounszouwuess, neen sie huet sech verännert a villen Hinsichten: soziologesch gesinn, urbanistesches betruecht, ëmwelttechnesch a veräinsméisseg. An de Changement geet weider.

E Chantier mat enger grousser Envergure fir déi gesamte Gemeng geet Schrëtt fir Schrëtt virun. Déi nei Entrée an de Centre Ville duerch déi nei Drusenheimstrooss, d'Suppressioun vun de Passages à niveau, d'Realisatioun vun enger Vëlospiste laanscht d'Eisebunn, de Bau vun enger Mur antibruit, den Aménagement vun enger neier Gare, verbonne mat engem PMR-gerechten Arrêt, nei Foussgängerweeër a villes anescht, dat verännert eis Gemeng kuerz- a mëttelfristeg.

Dësen urbanistesche Changement huet och e finanziellen Enjeu, deen och eise Gemengebudget touchéiert. Nei Chance, allerdéngs och nei Erausforderunge gëllt et ze meeschten, budgettechnesch, infrastrukturell ewéi och bautechnesch.

Eis Gemeng huet sech staark verännert. Mir hunn iwwer 11000 Awunner, op den Dag vun haut sinn et der 11149, eng Evolutioun, déi net opzehalen ass, ... a Wunnraum schafen, ass kee Luxus, awer eng Noutwennegkeet. dësere Aufgab, jo dësem landeswäiten Defi kënnen an dierfe mir eis als Gemeng net entzéien. (Iwwregens sinn 60% Lëtzebuerger, 40 Net-Lëtzebuerger vill Naturalisatiounen,

347 zanter dem 1. Abrëll 2017 hu vum neie Gesetz profitéiert a sinn elo Lëtzebuerger!)

Allerdéngs muss och alles dru gesat ginn, d'Bautätegkeet, d'Urbaniséierung an d'Schaffung vun neien Infrastrukturen, ob Schoulen, Sport- a Kulturzenteren, Gemengegebaier a déi vill aner baulech Verännerungen ze kanaliséieren, ze steieren an nohalteg ze plangen. Dat maache mir iwver déi eng oder aner Modifikatioun vum PAG, iwver d'Definitioun vun de PAPs quartiers existants oder och quartiers nouveaux... a vrun allem am Kader vun den Diskussiounen ronderëm d'Opstellung vun engem Masterplang.

Dëser Initiativ hu mir eis verschriwwen, eng Rei Bierger hunn sech aktiv an dëse Prozess ageschalt, diskutéiere mat, soen hier Meenung, an eis Kommissiounen ginn zousätzlech oder ergänzend Avis... dat alles ass Deel vun eiser Idee, déi participativ Demokratie ze stäerken an eescht ze huelen.

Zesumme mat eise Bierger, den Delegéierten an de kommunale konsultative Kommissiounen wëlle mir d'Zukunft vun der Gemeng Schëffleng weiderdenken an nohalteg gestalten.

Merci un all, déi sech aktiv, konstruktiv kritesch an engagéiert an dëse Prozess abréngen. Mir rechnen domadder, datt bis Enn Mee 2019 déi final Etapp agelaut ka ginn, fir schonns am nächste Budget 2020 déi eng oder aner Iddee oder Projet afléissen ze loossen. Allerdéngs sinn och an dësem Budget aus den Diskussiounen ronderëm oder am Kader vum Masterplang schonns Projet'en a Moosnamen agefloss ech kommen drop zréck.

E Masterplang fir Schëffleng, fir d'ganz Gemeng ass et e wichtegt Uleies. Zesumme mat Iech all schafe mir dru, wuelwëssend, datt net einfach vun haut op muer alles ëmgesat, realiséiert oder verännert ass. Ech verweisen hei op de Sproch: "L'impossible est accompli de suite, le miracle exige plus de temps."

Alles brauch eben seng Zäit... besonnesch da, wa bestëmmte Prozeduren anzehale sinn.

Schoul- a Bildungslandschaft Schëffleng neidenken, weider developpéieren

E weideren Defi – neen eng Tâche prioritaire - mat enger absoluter Necessitéit fir kuerz- a mëttelfristeg ze agéieren ass d'Situatioun vun eiser Schoul-, Bildungs- a Kannerbetrieuungslandschaft.

Et ass gewosst, datt mat haut iwver 1100 Kanner den disponible Schoulraum u Grenze stéisst, et ass gewosst, datt d'Nofro fir an der Maison Relais eng Plaz ze hunn, ëmmer erëm méi grouss gëtt, schonns no der Fäerdegstellung vun der Maison Relais op Hudelen, war gewosst, dat dëst Gebai net allen Nofroe gerecht konnt ginn. Et ass reagiert ginn an et mussen nach weider Moosname getraff ginn ... kuerz a mëttelfristeg ... de fréiere Schaffen- a Gemengerot huet reagiert a mir sinn och an der Obligatioun, jo an der Pflicht proaktiv ze agéieren... an dat ass de Fall!!

Am Oktober 2018 ass eng breet Diskussioun mat intresséierte Bierger, besonnesch natierlech mat den Enseignanten, de Schüler a de Kanner an Elteren aus der Ecole fondamentale, dem Regionalbüro, de Responsablen an Educateuren aus der Maison

Relais, deen direkt an indirekt betroffenen Acteuren aus der formaler an nonformaler Bildung e.a. eis Schoulkommissioun, de Grupp fir d'Organisatioun vum Plan d'encadrement périscolaire (PEP), de Leit vum Pédibus a villen anerer lancéiert ginn.

Et ass den Depart fir eis Schoul- a Kannerbetreiung, jo och d'Veräinsliewen - mir dierfen nämlech net vergiessen, datt eis Veräiner op eng wierklech beispillhaft Art a Weis, oft bénévol, mat vill Engagement eng wichteg a qualitativ wäertvoll Kannerbetreiung assuréieren eben dëst alles nei ze orientéieren, op stabil Féiss ze stellen a méi effizient ze organiséieren.

Merci allen, déi un dësem Denkprozess matgemeet an dëse beräichert hunn. Ären Elan, Äre Wëllen an Engagement fir iwver noutwenneg Verännerungen nozedenken an nei Weeër ze definéieren, stéisst net op daf Oueren, am Géigendeel. Eischt Konklusione leie vir, an déi weider Etappe sinn ugeduecht a gi bis Ënn Mäi 2019 finaliséiert.

Kuerz-, mëttel- a laangfristegem Handlungsbedarf soll hei Rechnung gedroe ginn. Et geet drëm – eng/zwou nei Schoulen ze plangen, eng Dezentraliséierung vun der Maison Relais unzestriewen, de Schülertransport op e Minimum ze reduzéieren, déi aktuell Schoulgebaier ënner Ëmstänn ëmzebauen, ze reamenagéieren, ze moderniséieren ... an dat alles mat Bléck op eng modern Educatioun fir eis Kanner, fir se fit ze maache fir dat weidert Schoulliewen ... dëst awer och mam Bléck op eis Veräiner, déi sech gläichermoossen ëm eis Schoulkanner beméien Eng grouss Aufgab, eng flott an noutwenneg Aufgab virun allem.

Mir hu kuerzfristeg schonns dëst Joer 2018 an dës Planungen investéiert, an och an den nächsten Budgets gi finanziell Mëttelen zur Dispositioun gestallt fir dëse Prozess an zwar d'Neientwécklung, jo Neiopstellung vun eiser Schoul- a Kannerbetreiung duerch Servicer a Veräiner – um Rullen ze behalen, an zielorientéiert, jo nohalteg ze developpéieren. Dat betrëfft e.a. déi sougenannte Montagmassnahmen iwver d'Refektion vun den aktuellen Gebaier bis eben hinner zum Bau vun neie Gebaier.

Mat aller Däitlechkeet wëll ech nach emol soen, datt mir net einfach nëmme wollten eng nei Schoul bauen an da mengen et wär alles an der Rei, neen de Besoin vun neiem Schoulraum ass een Element mir wëllen dowunner profitéieren, doriwwer nozedenken, wéi mir Schoul, Kannerbetreiung a Veräinsaktivitéite fir d'Kanner oder soss parascolaire Aktivitéite méi no beienee brénge kënnen, méi enk matenee verknäppe kënnen a méi kannerfrëndlech offréiere kënnen. **Mir wëllen e kohärent Konzept, dat d'Noutwendegkeete vun der Zäit involvéiert!**

Nieft dem Neibau oder dem Réaménagement vu Schoulraum ass d'Nofro vun der Sociéitéit, vun der Veräiner aus Sport, Kultur a Fräizäit – och mat den Diskussione ronderëm de Masterplang net méi kleng ginn. De Masterplang soll hëllefen hei Äntwerten ze fannen. Allerdéngs ginn et och schonns an dësem Budget verschiddenen Doleancë Rechnung gedroen.

Design for all

E weidere Schwéierpunkt, deen am leschte Joer lancéiert ginn ass, concernéiert d'Charta vum Design for all. Och dëst ass e Prozess, dee lues awer sécher ëmmer méi mat konkreten Inhalter gefëllt gëtt. Den Ad hoc Comité gëtt deemnächst duerch eng Kommissioun ersat, awer och hei sinn am Budget éischt

Ried vum Paul Weimerskirch, Buergermeeschter zum Budget 2019 / et zielt dat geschwate Wuert

Krediter definéiert an ageschriwwen ginn, déi eis Gemeng ebe behënnertgerecht oder méi PRM-gerecht maachen.

D'Fro vun de Suen

Egal wellech politesch Prioritéit a Schwéierpunkte festgeschriwwen oder gewënscht sinn. Et geschitt Näischt ouni déi entsprechend Suen.

Dofir d'Fro. Wéi ass dann déi aktuell finanziell Situatioun vun der Gemeng ? Ech soen einfach salopp: déi eis gutt, hei ass iwwer déi lescht Jore gutt geplangt a virsiichteg investéiert ginn, a last but not least profitéiere mir vun der aktueller gesonder ekonomescher Situatioun vun eisem Land a woren och net bei de Verlëierer - wann et där iwwerhaupt gi sinn - vun der rezenter Gemeengefinanzreform. Dowéinst hei **e puer Eckdaten** déi ze kommentéiere sinn

De Budget Rectifié fir den Exercice 2018 ass par Rapport zum Budget Initial an alle Beräicher esouwuel am ordinäre wéi och am extraordinäre Service massiv verännert.

- Bei den ordinäre Recette stinn am Rectifié 39 352 679,07 Euro par rapport zu 35,61 Milliounen Euro am Initial zu Buch, e plus deemno vun 3,74 Milliounen,... bei den Dépense sinn et allerdéngs och mat 32,7 Milliounen par rapport zum initial vun 30,8 Milliounen e Plus vun Ausgabe vun 1,27 Milliounen, néanmoins klëmmt de Boni propre op 7,28 Milliounen erop.

Déi 3,74 Milliounen si vrun allem duerch méi Recetten am Impôt commercial (mat bal 180 000 Euro) a besonnesch am Fonds de dotation globale des communes (mat bal 2,7 Milliounen) méi ze erkläre, wéi och duerch méi Remboursementer vun der Maison Relais mat 274 000 Euro.

Ech wëll och direkt drop hiweisen, datt bal 82% vun den ordinäre Recettë aus Impôt Foncier (242 000 Euro), Impôt Commercial (864 500) an dem Fonds de dotation globale des communes (28,64 Milliounen) stammen. Ass déi ekonomesch Situatioun ok, da stëmmt och de Fric fir d'Gemeng.

- Am Budget Rectifié klammen d'Dépenses ëm 1,264 Mio Euro. Ech hunn e kleng Screening iwwer déi eenzel Budgetssectiounen an Artikelen gemeet fir ze analyséiere, wou dës Fluktuatiounen hirkommen. Eis konstruktiv kommunal Kommissiounen maachen dowunner 61 000 Euro aus, des Augmentation ass duerch eng méi héich d'Zuel u Memberen an duerch eng weider Augmentation vun den Imdenitéiten ze erklären.
- 25 000 Euro an de Krediter ronderëm coordination technique,
- 30 000 Euro méi fir d'Relations publiques
- an 50 000 Euro concernant d'Chargen am Service Jeunes et Egalité des chances,
- 100 000 concernant e.a. den Engagement vun engem Expéditionnaire administratif.
- Da sinn et bal 200 000 Euro concernant eis Participatioun un den Fraisen fir d'Maison Relais, et si méi Kanner, deemno méi Iessen, déi nun och méi Fraisen bedingen.
- Et si knapp 50 000 Euro méi am Service Transport routier.

Ried vum Paul Weimerskirch, Buergermeeschter zum Budget 2019 / et zielt dat geschwate Wuert

- Knapp 60 000 Euro méi bei der Gestion des eaux, dëst am Kader vun der Participatioun à caractère general fir d'Station d'épuration, eis Kläranlag, déi jo moderniséiert gëtt, a knapp 50.000 Euro fir eng supplémentaire Kotisatioun fir de ProSud.
- An der Sektoun 627 Atelier stinn 130.000 Euro méi Dépensen un am rectifié par rapport zum Budget initial, dëst duerch d'Engagementen vun Mécanicien an Installateur.
- Knapp 150.000 Euro méi concernéieren d'Sektoun 628 Hygiène publique, dat sinn och Posten, déi nach geschafe gi sinn.
- Am Enseignement fondamental sinn nach 135.000 Euro agedroen ginn, déi concernéieren eigentlech en Décompte aus dem Exercice 2016, dat betrifft d'Participatioun au Traitement du personnel, dat hu mär elo kierzlech eréicht zugestallt kritt, datt mär deen nach ze rembourséieren hätten. Säit 2017, ass et fir den Exercice 2018 ass d'Participatioun fir d'Gemengen jo an dësem Beräich op Null gesat ginn. Insgesamt belafen sech Méidépensen fir Enseignements Sektoun op 245.000 Euro.

Voilà dat sinn e puer Explikatiounen.

Bleiwe mir um Budget rectifié.

Et fällt op, datt am Budget 2018 initial, 15,655 Mio Recetten extraordinaire virgesi woren an 20,66 Mio Euro dépense extraordinaire. Des béid d'Zuele si massive reduzéiert ginn op 8,5 Milioune bei de Recetten an op 17,02 bei Mio Euro Dépensen am extraordinaire Beräich....

Des Rectificatiounen sinn der Tatsaach geschëllt, datt Projets, net esou an d'Geld geschloen hunn ewéi virgesinn, oder datt d'Projets net esou séier ugefangen hunn ewéi geduecht, dat concernéiert vun allem d'Haus A Kassen, d'Réfection vun der Moulin Bestgen an de Réaménagement op Zeroderit fir den Neibau vum Boulodrome a vum Déierenasyl....

Wat Moulin Bestgen ugeet, ass dësën em eng Milioun gekierzt ginn, de Réaménagement vun der rue de l'Eglise ass gestoppt ginn, dat sinn 700.000 Euro.

Dann e.a. och d'Renaturéierung Uelzecht Pudel, dat sinn ronn 530.000 Euro manner, de Parking Souterrain mat 100.000 Euro, d'Piste cyclable ass vun 2,14 Mio op eng 1,4 Mio erof gesat ginn, de Wee vum Quartier Wendel an d'Hedingerstrooss erof, dat sinn 180.000 Euro manner an dann ass Dotatioun aus dem Pacte Logement vun 2.09 op eng 1,57 Mio korrigéiert ginn, dat sinn och ronn 500.000 Euro manner.

De Projet vum Ëmbau um Haus A Kassen steet elo mat 200.000 Euro am Budget Rectifié dat woren 1,2 Mio Euro am initial programméiert.

Ech hunn d'lescht Joer gesot, datt mir de Budget 2018 als Iwwergangsbudget gesinn. Mir hunn am Laf vum Joer, déi eng oder aner nei Erkenntnisser gewonnen, an hunn och Korrekturen virgeholl.

Datt den Dossier Haus A Kassen retardéiert ass, ass och der Tatsaach geschëllt, datt mir de Projet a villen Hinsichten iwverschafft a modifizéiert hunn. Den Ausgangspunkt war dobäi, datt mir de Geschäftslokataren Loyers an der Héicht vun

23 bis 27 Euro de m2 hätte missten froen. Och de Wunnengsbauprojet ass mat engem Träger ëmgeännert ginn. An fir d'Gemeng erginn sech elo Méiglechkeeten fir Archivraum respektiv déi eng oder aner Veräiner do ënnerzebréngen.

Domatter - sinn iwwer 5 Millioun Euro am Budget rectificié manner ageschriwwen ewéi d'Mandats autorisés fir 2018 et virgesinn hunn.

A Saachen Bestgensmillen stungen och eng Rei finanztechnesch a bautechnesch Froen op, déi elo geklärt gi sinn esou, datt endlech Neel mat Käpp gemeet kënnen ginn. D'Haus oder d'Millen sollen fir d'Kanner aus de staatleche Kannerheemer zu enger neien Heemecht ginn.

Weider Rektifikatiounen concernéieren d'Réalisation vun der Liaison de chauffage urbain centre et nord mat 250.000 Euro – d'Arbechten wéi d'Réfection vun den Hauptweër um Kierfecht, d'Erneierung vum Réseau an der Servitude hanne laanscht rue des Aulnes sinn op 2019 reportéiert ginn, datt sinn 20.000 Euro oder étude fir d'Extenssioun vun de Gemengenatelieren ass vu 50.000 op 20.000 Euro erof ugepasst ginn... dat sinn zesumme gerechent ronn 350.000 Euro .

... d'Konstruktioun vum Boulodrome ass net esou gelaf ewéi virgesinn an duerch ëmwelttechnesch Problemer um Site, sinn d'Arbechten deelweis gestoppt ginn... hei sinn am rectificié 2018, 800.000 Euro manner ageschriwwen ewéi am Initial. Deemno iwwer 6,1 Millioun manner ewéi am autorisé virgesinn also extraordinaire Ausgaben.

Op Grond vun der technescher Situatioun ass och décidéiert ginn de Remplacement vun dem Ventilatiounsgrupp an der Piscine mat 180.000 Euro op d'Joer 2019 ze reportéieren.

Mat weidere klengen Modifikatiounen op verschidden anere Punkten erginn dat bal 6,5 bis 6,7 Mio Rektifikatioune. Et ass allerdéngs och eng Korrektur no uewe geschitt... an zwar d'Acquisitioun de terrains nus mat ronn 400.000 Euro fir de Kaf vun Terrainen an der rue Basse, dëst opgrond vun enger Décisioun am Gemengerot vum 9. November 2018.

Dës Modifikatiounen oder Rektifikatiounen am ordinaire Beräich ewéi och am extraordinaire Beräich erginn e Boni general vun 11,43 Mio (also de Boni propre vu 7,3 Mio an de Boni aus de Compten vun 2017 mat 4,1 Mio zesummegerechent).

Ofgerechent de Mali aus dem extraordinaire Beräich vun 8,6 Mio (am initial woren et 5,01 Mio) ergëtt demno e Boni présumé fir 2018 vun 2,83 Mio, déi an de Budget 2019 iwwerschriwwen ginn.

Dat presentéiert sech gutt, an et ass gewosst, datt eis eigentlech erréicht de compte vun 2018 déi tatsächlech Situatioun zréckspigelt- wat ass wierklech u Recetten era komm a wat ass wierklech u Suen investéiert ginn!

Ech wëll hei net verstoppe, dat besonnesch am Beräich vun den extraordinären Dépensen nach eng Rei vun Inconnuen sinn. Mir hunn am Rectifié den Autorisé vu bal 23,44 op elo 17,1 Mio Euro ugepasst..... Mir hunn allerdéngs bis elo eréicht Mandats ausbezuelt vu knapp ënner 10 Mio Euro. Bis Enn Mäerz 2019 missten sech deemno nach Facturen ausweisen an enger Gréissenuerdnung vu bal 7 Mio. Ech soen hei, et ass en Dossier à suivre. Et ass domadder awer och ze gesinn, dat de Budget ëmmer e visionäre Charakter huet.

Néanmoins dierf festgestallt ginn, datt mir op eng gutt a stabil Finanzsituatioun kënne zréckgräifen. Am Budget 2019 klammen eis ordinär Recetten op 41,16 Mio Euro (éischtmoleg iwwer 40 Mio Recetten fir d'Gemeng Schëffleng), dat ass par rapport zum rectificié 2018 eng Steigerung vun 1,8 Mio Euro oder vun 4,37 %. Eis ordinär Dépenses klammen allerdéngs vun 32,1 op 35,4 Mio ... dat sinn 3,26 Mio Euro méi oder eben eng Steigerung vun 9,23 %)

Allerdéngs hu mir eise Budget nees opgestallt mat enger Réserve budgétaire vun 1,4 Mio Euro. Dës Dotations au Fonds de réserve geschitt an der Absicht op Reserven zréckgräifen ze kënne fir Investitioune besser ze geréieren, fir quasi en Apel fir den Duuscht ze hunn, net fir Liquiditéitssituatiounen ze meeschten. Mir hunn am Budget eng Rei Investitiounsprojeteen no ënnen ugepasst an dësen Fong domadder gespeist.

Dës 1,4 Mio aus den Dépense erausgerechent ergëtt deemno eng Steigerung vun den Dépenses em 1,9 Mio just, dat sinn 5,5 % Augmentatioun. De Boni propre vun 5,83 Euro beleeft sech rechneresch gesinn, dann op 7,23 Mio!

Mir hunn am extraordinären Beräich mat 15,2 Mio Recetten an prévisionnéierten 23,1 Mio Euro Dépenses deemno en Mali vun 7,98 Mio Euro. De korrigéierte Boni propre vun eben 7,23 Mio geet deemno zu 91% duer fir dësen Mali ofzedecken, dat ass eng gutt Situatioun.

De présuméierten Boni aus 2018 vun 2,82 Mio Euro ergëtt een eigentlechen Boni general vun eben 8,65 Mio Euro. De Mali vu bal 8 Mio Euro aus dem extraordinäre Beräich ergëtt deemno e Boni definitiv vun 666.062,44 Euro, dat ass genuch Spillraum fir eventuell Modificatiounen, déi sech am Laf vun 2019 erginn an zesumme mat de Suen aus dem Fonds de Réserve budgétaire ass dës Spillraum nach méi grouss.

Mir hunn mat 23,1 Mio extraordinär Dépenses natierlech nees een héichen Investitiounsvolumen am Budget 2019 ageschriwen. Ob dësen integral verschafft gëtt, ass natierlech ze erhoffen an ass och déi politesch Absicht! Néanmoins huet de Budget 2018 respektiv d'Chiffren am Rectifié 2018 gewisen, dass duerch Emstänn, d'Previsiounen zu Visiounen kënne ginn! Mir hunn vill mat de Servicer diskutéiert a versicht de Budget de Realitéiten unzepassen.

Scholdsituatioun

Ier ech verschidden Detailler vum Budget analyséieren oder beliichten, wollt ech awer nach e puer Wuert soen iwwer eis Scholdsituatioun. Op Gronn vun den aktuelle Gegebenheeten - Recetten, déi klammen – Dépenses, déi raisonnabel a virsichteg definéiert sinn, gesond Liquiditéiten – ass och dës Budget ouni op Friemkapital zréckzegräifen, ouni weideren Emprunt anzeschreiwen, opgestallt ginn.

Kënnt derbäi, datt eis Scholdensituatioun eng gutt ass. De Solde vun de Scholden beleeft sech op den 31. Dezember 2018 op 20,47 Mio Euro a steet um Enn 2019 bei 17,94 Mio Euro. Mat Annuitéiten vun 2,56 Mio Euro d'Joer – dat sinn 7,25 % vun den dépense ordinaire, also gutt ënner 8% - sti mir stabil, gutt a gesond. Dat sinn iwwregens knapp 33% vum Boni ordinaire!

2019 laafen zudeem zwee Emprunten aus an 2020 ass e weideren Emprunt, deen ausleeft. Nach eng Info zu den negativen Zësen, déi aus dem Tableau erauszulesen Ried vum Paul Weimerskirch, Buergermeeschter zum Budget 2019 / et zielt dat geschwate Wuert

sinn. Negativ Zinsen ginn als zousätzlechen Remboursement um Kapital gewäert a mussen also am Tableau vun den Zinsen neutraliséiert ginn, well mär soss net genuch Krediter hätten. Am Tableau sinn och taxen affichéiert. All eis Emprunten laafen ënnert dem Euribor 3 Méint mat engem Taux variable, dat ass net zum Schued vun der Gemeng, an et ass d'Spuerkeess als eenzeg Bank, déi dann och de negativen Taux applizéiert.

- Wann och net an allen Hinsichten aussagekräfteg! Eis Prokappverscheldung Enn 2017 mat 23,16 Mio Euro, 10550 Awunner wor bei 2195.- Euro, Ënn 2018 mat 20,47 Mio Euro an 10800 Awunner wor se bei 1895.- an fir Ënn 2019 mat 17,94 Mio Euro Schold an estiméierten 11370 Awunner reduzéiert sech deemno eis Prokappverscheldung op 1577.-Euro. Dat ass eng gesond Situatioun, déi awer ze relativéieren ass, besonnesch wat d'Awunnerzuel ugeet. Wat méi Awunner wat se da méi kleng gëtt. Vill méi wichteg an aussoekräfteg ass allerdéngs d'Taatsaach, dass eis Annuitéiten zu den Dépense ordinär ënnert 8 % leien, dat beweist, dass Spillraum no uewen ass.

Eng Schold vun iwwer 5 Mio mat Annuitéiten vun 25.000.- Euro iwwer 20 Joer ze bezuelen, wär deemno ouni weideres ze verkräften. Och dat ass en Hiweis, dass eis Gemeng eng gesond Finanzsituatioun huet an och weider investitiounsfäeg fir d'Zukunft bleiwt. ... e Bléck op de PPF an déi do ageschriwwe Projets weisen allerdéngs, dass mir virsechteg mussen bleiwen, jo Spillraum ass do, awer net zu all Präiss ... ech denken esouguer, dass mir opgeruff sinn eng Detailanalys unzegoen an net dolaanscht kommen d'Prävisiounen korrekt ze definéieren ... nach emol eis Finanzsituatioun ass ok, et ass awer net verbueden ze hannerfroen a Korrekturen do unzibréngen, wou et méiglech a néideg ass ... dës alles mam Bléck op eis künfteg a noutwenneg Démarche fir eis Bildungslandschaft nei opzestellen!!!

Wat d'Investitiounsfähegkeet ugeet bleiwen mir an der Kontinuitéit mat de Projeten vum **Haus A Kassen**, wou nei Geschäftslokalitéiten, neie Wunnraum an nei Aktivitéiten fir d'lokal Veräiner ugeduecht sinn, ech verweisen hei nach emol drop, dass mir dësse Projet der Realitéit an den Noutwendegkeeten vun de künftegen Locatairenges passt hunn an dommader de Projet fir d'Finanzen vun der Gemeng op méi raisonabel orientéiert hunn an op méi korrekt Féiss gestallt hunn. Bis zu **800.000.- Euro** sinn am Budget dës Joer ageschriwwen.

De **Projet Boulodrome (1,252 Euro am Rectifié / 1,1 Mio Euro am Budget!)** an dat neit **Déierenasyl (1,0 am Rectifié an 2,1 Mio Euro ma Budget)** leeft op vollen Touren, dat selwecht gëllt fir alles, wat mat dem Projet Nei Entrée an de Centre ville zedinn huet ... et ass ze hoffen, dass d'Aarbechten de Planungen entsprechend weider kommen ... Mir brauchen schnellstméiglech de nei Boulodrome a besonnesch och d'Haus fir d'Déieren

Nei Vélosweeër a nei Foussgängerwee sinn am Bau oder an der Planung. Sie all sollen dozou baidroen der Mobilité douce/active eng nei Dynamik ze ginn. D'Transformatiounsarbechten fir **d'Moulin Bestgen gi mat iwwer 600.000 Euro** am Budget fixéiert.

Niewt dësse Projeten sinn awer och eng Rei nei Initiativen, nei politesch Prioritéiten an dësem Budget festgehalten Mesuren a Projets, déi eisem Koalitiounsprogramm

Rechnung droen, Investitiounen op der anerer Säit, déi sech duerch Diskussiounen vum Masterplang elo schonns erauskristalliséiert hunn.

Dat sinn d'**Etuden**

- concernant den **Ëmbau vum Haus N.35**, an der avenue de la Libération, wou sech ofzeechent, datt mir mat engem Drëtten e flotte Projet realiséiere kënnen
- de **Bau oder Konstruktioon vun neien Bürosreimlechkeeten** fir an eis Gemengenservicer, mat Logementer an der Drusenheimstrooss,
- dat betrefft eise Wëllen fir déi néideg Modifikatiounen vum PAG an déi domadder verbonnen Définitiounen vu PAP weider ze dreiwien,
- dat betrefft **d'Renovatioun vum Ausseberäich vun eisem Stadthaus**, vun der Gemeng, verbonnen mat enger Mise en conformité nom Principe vum Desing for all, dëst fir **750.000 Euro am Budget 2019**.

Mir wëllen endlech och viru kommen mat der Réaménagement an dem Assainissement vun der **Industriezone Op Monkeler. 150.000 Euro** ass den Ufank fir infrastrukturell an emwelttechnesch Noutwendegkeeten resolut unzepaacken. Et ass, neen et soll e Schrëtt Richtung Verbesserung vum Stroosse- a Kanalnetz ginn, verbonne mam Zil d'Ëmweltbelaaschtungen fir Mensch an Natur ze reduzéieren. Hei sinn allerdéngs net mir alleng gefuedert, hei mussen Betreiber selwer Hand mat upaken, hei mussen och déi concernéiert Ministären an Administratiounen hier Responsabilitéite an d'Spill bréngen. Ouni Partnerschaft tèschent d'Gemeng, Ministär a Verwaltung a Betreiber fuere mir an eng Saackgaass.

- Et versteet sech vum selwen, dat eis **zone d'activité économique op Herbett** an dësem Budget selbstverständlech déi noutwenneg Krediter akkordéiert kritt.

Am Budget extraordinaire sinn och déi Méttelen virgesinn fir dem **Office Social mat all sengen Servicer** eng méi optimal Arbecht ze erméiglechen, mat ëmmerhin 335.000 Euro dëst fir d'Haus N.13 an der rue du Pont ze transforméieren.

Fir datt **d'Maison Relais der Nofro**, besonnesch, wat den Accueil Repas de Midi ugeet, ka Rechnung droen, maachen mär iwver dëse Budget eng Mise en conformité vum Veräinshaus mat allem, wat usteet, fir den agrément d'exploitation ze garantéieren. Iwver eng Konventioun gëtt de Prinzip vum Invest a vun dem geschellte Loyer gekläert. **Ageschriwwe sinn 110 000 Euros!**

Mir bleiwen eng Klimaschutzgemeng, wëllen alles dru setzen eng weider Kéier d'Zertifizéierung als European Energy Award Gold – Gemeng konfirméiert ze kréien, dat alles bedéngt Investitioune fir eng nohalteg an ëmweltorientéiert Energiepolitik.... Mir investéieren dofir an **d'Cogénératioun mat ëmmerhin 3,7 Mio Euro** fir e.a. d'Liaisioun vun de Cogénératiounsanalgen ze konkretiséieren, fir de weider Uschloss vun ëffentlechen a privaten Haiser an fir de Remplacement vun der Anlag an der Maison des Soins, ze erméiglechen, déi sech iwwert d'Joeren bewert huet an elo eben erneiert muss ginn.

- Am selwechte Geescht ginn och d'Investitounen fir Mise en conformité du Réseau d'assainissement am "Aalen Escher Wee", an d'Frais vum Ausbau vun der Kläranlag ze gesinn.
- Mir wëllen aktiv sinn an der Lutte géint de Kaméidi a wëllen eng Impaktstudie iwwert de Kaméidi vun der A13 lancéieren.

En **Invest fir Nohaltegkeet an Energiespueren mat ronn 250.000 Euro** concernéieren d'Installatioun vun Photovoltaiqueanlagen, d'Mesuren fir Strom ze spueren an d'Opstellung vun enger Eolienne a Form vun engem Wandbam am urbanen Raum. Och den LED System beim éclairage publique gëtt systematesch ëmgesat, hei sinn weider 100 000 Euro virgesinn. Een Invest, déi sech rechtfäerdeg, duerch d'Tatsaach, dass hei bis zu 40% Stromerspuernisser ufalen.

- Grouss Hoffnung setze mir weiderhin an de **Projet Renaturéierung vun der Uelzecht am Raum Am Pudel/an Am Brill**, wuelhoffend, dass hei endlech eppes geschitt. Eng knapp Mio ass virgesinn am rectificié 2018 an am Budget 2019.
- Och **d'Renaturéierung vun der Kiemelbach** läit eis um Häerz, an ass jo och mat der Zone d'Activité économique op Herbett quasi virgesinn - och hei sinn iwwer 1,2 Mio Euro am Budget ageschriwwen. Béd Renaturéierungsprojet'en ginn jo staatlech subventionnéiert a mir stäippen déi entsprechen Virfinanzéierung.

Et versteet sech vun selwen, dass fir den **Aménagement vum Neien Accès Centre Ville** am Rectifié 936.000.- Euro an am **Budget 2019 nach weider 350.000.-Euro** ageschriwwen sinn. De gesamten Investitiounsvolumen gëtt jo zu je 45% vum Fonds du Rail a Ponts et Chaussées a mat 10 % vun der Gemeng gedroen, also finanziert.

D'Mobilité douce oder active ze promovéieren, dëst steet enger Klimapaktgemeng gutt zu Gesiicht, an dat geschitt dofir och an dësem Budget:

- de System Vélo'ok gëtt ausgebaut fir 200.000.- Euro,
- e Balisage fir chemins piétonniers (90.000.- Euro) gëtt realiséiert,
- d'Konstruktion vun der Vélospiste laanscht d'Eisebunn gëtt etappeweis ëmgesat, a weider 2,7 Mio Euro souwuel am rectificié 2018 éwei am Budget 2019 charakteriséieren dësen Wëllen
- am selwechten Sënn ass d'Prolongatioun vun der Piste cyclable tëschent der rue du Pont an der rue Aloyse Kayser ze bewäerten, mat weideren 183.000.- Euro
- ... Och den Aménagement vun enger Foussgänger- Vélospiste ronderem oder bei zone d'activité économique Herbett bis op zone d'activité Féiz mat knapp 100.000 Euro entsprécht der Philosophie fir d'Mobilité douce auszebauen, méi sécher ze maachen, verbonnen mat neie Méiglechkeeten sech un dat Nationalt Vélosweeernetz unzeschléissen.

- Am extraordinären Beräich vun den Dépensen gëtt dann och **fir ronn 1 Mio** (rectifié 418.000.- Euro / Budget 449.000.- Euro) **de Fuerpark vum Atelier erweidert.**
- Eng net onwichtig technesch Installatioun ass de **Remplacement am Waasserbasseng op der Weimeschkoeppchen fir ëmmerhin 480.000 Euro.** Eng gläichermoossen infrastrukturell technesch wéi och ëmweltorientéiert Moosnahm, dëst mam Bléck op d’Kontroll an Reduktioun vum Drénkwaasserverbrauch!

Méi Gréngs an eis Uertschaft! Mir maachen dat.

Mir hunn mam Bësch a mat de Naturreservater eng flott Gréngzon ronderëm eis Gemeng. Aus de Masterplang-Debatten ass ervirgaangen, datt méi Gréngs am Zentrum erwünscht ass. Mir maachen dat, mat der Aménagierung vun engem Park am Centre ville, um Ausgang vun der Drusenheimstrooss an d’Libertiounsstrooss eran gëtt statt Betonsbau eng **Grénganlag aménagiert fir ëmmerhin 330.000 Euro**, den Urban gardening ass e Projet mat enger flotter Dynamik, déi mir net brieche wëlle, dofir gëtt des Initiative, gebuer an eisem Klimateam an an der Umweltkommissioun weiderhin ennerstëtzt, ... d’Hedingerstrooss soll an dësem Senn och reaménagiert ginn (hei sinn Etuden Krediter ageschriwwen).

Eise Gemengplaz soll sech besonnesch am Summer méi convivial a frëndlech presentéieren an zou enger lieweger Zone de rencontre fir eis Matbierger ginn dëst duerch **e Jardin éphémère**, also eppes temporäres soll dat réusséieren/realiséieren.

A net ze vergiessen, déi Fitnessplazen, déi mir aménagéieren wëllen, och dat wor eng Idde, aus de Masterplang-Konklusiounen ... mir hunn eng Rëtsch Punkten iwwerholl!

De Patrimoine culturel – de Patrimoine local eigentlech soll erhalen bleiwen: eis thematesch opgestallten Sentier pédestre sinn oder solle ëm d’Séche vum Marxeweier ergänzt ginn ...eis Moulin Bestgen (ech hunn et schonns gesot) bleift erhalen, an eist d’Beméien ëm de Patrimoine de la siderurgie - eigentlech ëm d’Liewen vun de Schmelzarbechter - ass zwar budgetär net fixéiert, bleiwt awer fir dëse Schäfferot an ech mengen och de ganze Gemengerot eng wichteg Prioritéit. Eisen Asatz fir zum Beispill d’Pompelhaus ronderëm de Waassertuerm als Musée ze transforméieren respektiv do eng Zone d’attractivité, Zone touristique anzeriichten deele mär mat villen aneren an dat soll och weider goen!

- Last but not least ass eisen **Engagement och op d’Schoul an d’Kannerbertreierung** fixéiert. Den extraordinären Mëttelen no sinn am rectifié ronn 780.000 Euro an am Budget initial 520.000 Euro virgesinn ...
- et ass dëst d’Suite vun den Diskussiounen iwert nei Perspektiven vun eiser Schoul a Kannerbertreierung de Masterplang Bildungslandschaft Schëffleng, de Réaménagement vun der Lydie Schmit Schoul, den Neibau vu Schoulen maachen aleng schonns **400.000 Euro Etuden** aus fir alles an d’Rullen ze bréngen. Ech denken dëse Projet mausert sech zum Prioritéitsprojet fir déi nächst Joeren!

Alles an Allem ass et en héigen Investitiounsvolumen, deem iwwer deelweis Recette extraordinaire mat ofgedeckt gëtt.

E Bléck dofir op d'Recette extraordinaire weist, datt mat bal 6,8 Mio de Projet vun der Zone d'activité op Herbett eng net onwesentlech Participatioun zu Buch steet.

De Fonds de réserve pacte Logement mat 2,05 Mio Euro ass eis och eng gutt Stäip, iwwer dëse Wee finanzéiere mir d'Acquisitioun vum Terrain an der Niddeschgaass mat 400.000.- Euro, an dann 750.000 Euro fir Transformatioun an d'Renovatioun vun der Moulin Bestgen, zu 450.000 Euro d'Rekonversioun vun der Maison A Kassen, an och fir d'Konstruktioun vun de Véloswéer mat 1,05 Mio (am rectificié waren et schonns 1,25 Mio), an och eng Partizipatioun iwwert d'Réserve pacte Logement mat 500.000 Euro ass fir de Boulodrome virgesinn, dëst wuelwëssend, datt mir nach eng Reserve am Budget 2018 net verschafft hunn.

Da leeft eis Recette extraordinaire och vu Subsiden a Subventiounen e.a.

- fir d'Evakuatioun vum Reewaasser op Herbett mat 50.000 Euro,
- fir de Logement am Haus A Kassen mat 350.000.- Euro,
- fir d'Cogénératiounanlag 600.000.- Euro,
- fir d'Renaturéierung vu Kiemelbaach an Uelzecht an aneren ëmweltschutzrelevanten Aktiounen mat bis zu 3, 2 Mio Euro,
- fir de Vélo'ok Ausbau mat 52.000 Euro,
- fir de Beräich mobilité douce/active mat Balisage fir Foussgängerweeër fir 49.500 Euro,
- fir d'Véloswéer 33.000 Euro,
- fir d'Ëmbauarbechten an den neien Aménagement vun der Lydie Schmit Schoul mat bal 1,5 Mio
- a fir d'Refektioon vumm Bëschwee vun der rue de la Forêt bei de Val des Aulnes mat 21.000 Euro ...
- ... an net ze vergiessen de Remboursement fir den Souterrain beim Passage à niveau PN91a mat 450.000 Euro, virfinanzéiert seinerzäit vun der Gemeng a laut Konventioun remboursabel bei der Fermeture respektiv der Suppressioun vun de Passages à niveau....

Dëst mécht zesummen, mat de Subventiounen fir de Boulodrome vun 650.000 Euro - ëmmer hin bis zu 8 Mio u Subventiounen, Subsiden a Remboursementer aus.

Dat sinn bis zu 70 % vun de Recette extraordinaire. Net ze vergiessen d'Participatioun am Kader vum pacte Logement mat, iwwer dës 2 Exercicen also rectificié 2018 budget 2019 mat bis zu 2,65 Mio Euro.

Esou wäit zum extraordinären Deel Budget 2019.

Awer all Basis fir eng gutt Gestioon vum Budget ass och den ordinären Deel.

Eis gutt Situatioun am ordinären Deel: d'Schéier tëschent Recette ordinaire – Dépense ordinaire ass gutt, d'Recetten klammen kontinuierlech an dépense lafen

Ried vum Paul Weimerskirch, Buergermeeschter zum Budget 2019 / et zielt dat geschwate Wuert

net fort! An de Compte 2017 waren et 5,5 Mio méi Recetten, am Rectifié 2018 sinn der 7,3 am Budget 2019 elo 5,83 Mio Euro (den Fonds de réserve budgétaire erau gerechent sinn et esouguer 7,2 Mio!)

Mir hunn eis Dépenses am Grëff. Awer fir d'allereischt e Bléck op d'Recetten. Bis zu 80% vun eisen Recetten sinn esouzesoen Steiergelder mat e.a.

- dem Impôt foncier (245.000.- Euro, iwwer 2017 bis 2019 eigentlech just e marginal Plus),
- dann den Impôt commercial mat haut am Budget rectifié 864.500.- Euro (et ass dat par rapport zu de Comptes 2017 eng Augmentatioun vun 9,7 %) an am Budget 2019 sti mer mat 897.000 Euro bal 109.000 Euro méi ewéi an de Comptes 2017 (dat ass eng Augmentatioun vu gudden 13,8%)
- a last but not least, d'Suen aus dem Fonds de dotation global des communes sinn am Budget 2019 op iwwer 30 Mio geklomme, dat ass par rapport zum Resultat vun de comptes 2017 e plus vu 4,13 Mio Euro, oder eng Augmentatioun vun ëmmerhin 15,16 %!!

Laut Circulaire budgétaire sinn och am Rectifié 2018 eis Recetten ëm 8,4 % augmentéiert op ëmmerhin 28,64 mio Euro. Dat alles mécht zesummen mat der Taxe op den Hënn, déi stattlech d'Zomm vun 31,71 Mio Euro am Budget 2019 aus an am rectifié 29,77 Mio Euro.

De Budget 2019 gött deemno zu 77 % iwwer Steiersuen ofgedeckt an fir de Rectifié zu 75,4 %. Dat weist deemno eis Ofhängegkeet vun der ekonomescher Situatioun vum Staat. Ech wëll mech hei net widderhuele, awer, geet et dem Staat gutt, profitéieren eben och d'Gemengen.

Déi aner 25% Recetten kommen e.a. eran iwwer Loyers (bis zu 700.000 Euro Loyer a Chargen falen un, och fir aner Locatiounen ënnert anerem Buvette, Tennishal, Centre Sportif kommen Recetten eran), dann och iwwer Remboursementer zum Beispill vun der Maison Relais an d'Redevancen vum Exploitant vum Restaurant mat 1,5 Mio dann d'Allocatiounen fir Travailleurs handicapés (270.000.-) mir maachen hei eise Match, wann een dat esou kann ausdrécken), iwwer d'Subventiounen fir d'Contrats d'apprentis oder fir Leit, déi an de Mesuren d'emploi sinn leie mir bei ronn 150.000.-Euro ...,

.... an dann net ze vergiessen iwwert Vente vun Chaleur, Elektrizitéit a Cogénératioun mat bal 840.000 Euro am rectifié 2018 an ëmmerhin nach 691.700.- Euro am Budget 2019, hei ass ze wëssen, dat d'Prime d'injection vum Staat net méi geschëld ass, wëll d'Anlag 20 Joer Service hannert sech huet.

Néanmoins ass dat awer een Invest, deen sech méi ewéi gelount huet an eis och entsprechend Recetten iwwert déi lescht Joeren an d'Caisse gespullt huet, vill Geld!! Déi aner Haapteinnahmen resüméieren sech aus den Taxen fir Müll, Waasser, an Ofwaasser. Ech kommen doropper nach eng Kéier zeéck.

Net ze vergiessen, och, datt aus eisem Engagement als Klimapaktgemeng eng Rei Finanzen resultéieren, ... a mat ëmmerhin 361.000.- Euro gött eise Klimaschutzengagement net schlecht honoréiert an hei göllt et sech op d'Been ze stellen fir weiderhinn eng Klimaschutz zertifizéiert Gemeng ze bleiwen.

Ried vum Paul Weimerskirch, Buergermeeschter zum Budget 2019 / et zielt dat geschwate Wuert

Emmer nees gefrot, wat bréngen eis Horodateurs, eis Vignettes de stationnement resp. d'Avertissements taxés....Laut rectifié a Budget 2019 bis zu 160.000 Euro. Voilà dat sinn déi wesentlech Recetten! Et faalen nach Recetten un am Beräich vum Material, wat emol verlount gëtt, vun der Locatioun fir d'Piscine un aner Gemengen an der Gréissenuerdnung vun 130.000.- Euro an natierlech fir d'Participatioun u verschiddenen Aktivitéiten vun der Gemeng, wéi zum Beispill Sproochekuren, asw....

Do, wou Recetten generéiert ginn, falen och Dépenses un an des müssen nom beschten Wëssen a Können virsiichteg generéiert ginn.

E Merci un all Servicer fir déi konstruktiv Zesummenarbecht bei der Opstellung vum Budget. E Merci och, datt de Virgaben vun dem Schäfferot, wäitgehend Rechnung gedroen ginn ass. Dese Budget huet a sengem ordinären Deel bei den Dépenses den "Touch vum Zerobasebudgeting"! Desen Prinzip ass eng vun den Ursachen, datt eis Dépenses net fortlafen a weiderhin virsiichteg ageschat ginn.

Ech ginn elo hei net op all Détail, an awer e puer Remarken.

Ech wëll ufänken mat den Taxen.

- Am **Beräich vum Müll** stinn 1,33 Mio Recetten 1,28 Mio Dépense géintwärt, dat esou wuel am Rectifié ewéi och am Initial 2019. Op den eischte Bléck ass dat jo eigentlech e Boni. Et muss een awer wëssen, datt an – an dat zielt och fir d'Waassertaxen – ,datt eben an den Dépenses ordinaires op dësem Artikel net all Onkäschten zum droe kommen oder besser gesot net och erfasst sinn, déi eigentlech ufalen ... dat ass zum Beispill de Fierpark vum Atelier, dann sinn d'Arbechte vun de Leit aus dem Atelier fir den Dréck ze sammeln an ze gestionéieren.

Mir kënnen zefridde sinn mat eisem System. Net einfach esou hu mir jo de Climate Star kritt. Eist Mülltaxesystem ass ok, hien motivéiert zum Recyclage, wien trennt, spuert d'Geld, a mécht eppes fir d'Emwelt. D'Ziel ass et elo de System ze verfeinere an op eng ProKapp ProJoer Dréckssituatioun ze kommen, wou nach just 100 Kg net-recycléiertbaren Déchets an der schwaarzer Dréckskëscht ze fannen ass. Dofir gëtt iwuer Modificatiounen bei der Taxe de déchets nogeduecht.

- E Bléck dann op d'Taxen vum Waasser. **Beim Ofwaasser** stinn bei de Recetten 1 255 250 Euro zu 756 543 Euro un Dépenses. Dat ass nun wierklech e Plus vun 448707 Euro, allerdéngs e fiktiven Plus, well och hei net all Dépenses, net all Onkäschten, Investitiounen a Parameter erfaasst sinn an dësem Artikel. Sie sinn oft iwuer aner Artiklen ventiléiert, wou d'Zommen net direkt erauszulesen sinn. Hei ass eng Diskussioun ubruecht fir effektiv Plusen, déi sech kéinten erginn, an e Fong ze setzen.
- **Wat Drénkwaasser concernéiert**, och hei ass festzustellen, de Bléck op d'Relatioun Recetten zu Dépenses mat 1,63 Mio Euro zu 1,06 Euro (am Rectifié ewéi och am Budget 2019), dat eben och hei seng eng positiv Situatioun ausweist. Allerdéngs ass d'Recette, also d'Taxe esou opgebaut, dëst no de Regeln oder Virgaben vum Ministär, datt se de reellen ufallenden Onkäschten Rechnung dréit. Och hei ass de Boni e quasi fiktiven. Och hei soll driwwer nogeduecht ginn, iwuer d'Speisung vun engem Fong nozedenken. Hei ass d'Iwwerleeung vun enger Modifikatioun oder Adaptatioun vum

Taxereglement dorop ausgeriicht oder fokusséiert fir d'Inicitatioun Waasser ze spueren ze fërderen, wien verbëtz soll eigentlech méi bezuelen, et geet drëm de Konsum vun dësem kostbaren an onschätzbarem Gut ze reduzéieren.

Et gi natierlech och d'Servicer vun der Gemeng, déi kengesfalls als käschendeckend ze organiséieren sinn, déi awer e sozialen oder soss wichtege Enjeu hunn. Dës Déngschtleeschungen - wéi de Ruffbus, de Nightrider och eis Piscine oder Sauna – müssen leschtenendes einfach als Service um Bierger ugesi ginn.

Eise **sozialen Engagement** an eisen Asaz fir d'Entwécklungshëllef sinn natierlech och an dësem Budget reflektéiert: den Engagement vun Schëffleng Hëllef, dem Team Fairtrade Schëffleng, den Engagement fir den Drëtten Alter, fir d'Aktivitéiten vum Clubhaus beim Kiosk, fir den Domäin vun der Egalité des Chances, fir d'Kannerbetreuung an alles ronderëm d'Maison Relais an d'Foyers scolaires ... dat alles maachen tëscht 2,3 bis 2,5 Milliounen Euro aus.

Dat selwescht Prinzip gëllt fir de Beräich vun der Jeunesse, fir zB d'Initiativen vun eiser Jugendkommissioun, fir d'Partizipatioun un der Gestiou vun der Maison des Jeunes mat iwwer 500 000 Euro. D'Maison des Jeunes, déi eng wichteg sozial Aufgab leescht, mat dem Outreacher, mat hiren Fräizäitaktiounen ... sie feieren iwwregens d'nächst Joer 14 Joer Präsenz um Terrain.

Net abseits sti mir fir de **Beschäftigungsinitiativen** ze hëllefen, moralesch a finanziell mat elo 336 000 Euro fir de CIGL, déi fir d'Gemeng an fir d'Bierger vill Aufgaben iwwerhuelen, oder fir de ProActif mat 152 000 Euro, och sie sinn eng Stäip bei Villem ... a net ze vergiessen eis Partizipatioun un de Frais d'Exploitation vum Office social, haut op ronn 560 000 Euro am Budget 2019 chiffriert, dat woren an de Konten vun 2017: 464 462 Euro.

Mir wëllen de Plan communal d'Intégration an de Plan communal fir Senioren mat Liewe fëllen, och fir de Projet Design for all si Finanzmëttel iwwer de Budget engagéiert.

- Mat der Aféierung vum CGDIS sinn am Service de secours nei Orientatiounen ze fixéieren, e.a. ass eis Contribution à la mise en place et au fonctionnement du futur CGDIS mat 390 000 festgeschriwwen ginn; dëst laut Circulaire vum Minister. D'Entwécklung an dësem Beräich ass nach duerch eng Rei Inconnus charakteriséiert. Den CGDIS ass sécherlech um gudden Wee, et bleiwen awer nach Froen op, am Zesummespill Gemeng-CGDIS. Mir sinn jiddendfalls frou, datt eisen Service de Secours - dësen ass jo Bestanddeel vum CGDIS – nach ëmmer operationell ass, an dat soll och esou bleiwen.

Iwwer de Budget assuréiert si natierlech och eis ordinär Dépenses fir eis Associatiounen aus Sport, Kultur a Fräizäit, all eis Festivitéiten a Rezeptiounen e.a. d'Schëfflenger Fest, den Télévie, d'Seniorefest, a viles méi ... Mir hunn selbstverständlech och der Situatioun Rechnung gedroen, datt duerch d'Chamber eng Trennung vu Kierch a Staat votéiert ginn ass, an hunn déi entsprechend Adaptatiounen am Budget virgeholl. Eisen kommunalen Obligatiounen am Enseignement fondamental kommen mir mat 2,7 Mio Euro no, agerechent eis

finanziell Mëttel fir Parascolaire Aktivitéiten oder soss Services annexes, da belafen sech eis ordinär Dépenses op gutt 3,7 Mio Euro.

De gréissten Deel vun den Dépense ordinaire concernéiert natierlech eis **Masse salariale**, dat sinn am Rectifié 2018: 13 982 138 (also 43%) an am Initial 2019: 14 549 561 (ergo 41% vun den Dépense ordinär) ... zur Info: an de Compte 2017 woren et knapp iwwer 13,0 Milliounen Euro. (oder knapp 39% vun den Dépense ordinaire): Deemno eng Augmentation, déi bedingt ass e.a. duerch Méiastellungen an duerch kollektivvertraglech Obligatiounen, duerch Indexupassungen. Op der Recettesäit sinn ronn 620 000 Euro gebucht, dat ass fir eisen Engagement oder fir Subventiounen, déi mir kréien, well mir Apprentis eng Chance ginn, well mir Leit mat Händikap-statut zu eisem Effektiv zielen a well mir Leit rekrutéieren, déi iwwer enger Mesure duerch d'Adem cofinanzéiert sinn. Hei erfëlle mir eis sozial Aufgab, ouni Zweifel! Wat d'Masse salariale ugeet hu mir sécherlech een Afloss op eise Personalbestand, op Obligatiounen, déi sech aus kollektivvertraglechen und "legislativen" Obligatiounen erginn, ass den Afloss nëmme beschränkt méiglech.

ouni an den Detail ze goen: Op den 31.12.2018 waren 48 Fonctionnaires mat Plein temps agestallt, 5,75 Employés communaux, 4,55 Salariés à tâche intellectuelle an 160 Salariés à tâche manuelle. Iwwer déi leescht zwee Joeren ass keng gréisser Variatioun feststellen, et ass allerdéngs de Nouwendegkeeten an de Servicer – eis Gemeng wisst – Rechnung gedroe ginn, an nei Leit sinn rekrutéiert engagéiert ginn fir Accueil a Rezeptioun, fir Servicer, déi nei opgestallt gi sinn an och fir de Service de Régie ...

Net ze ënnerschätzen sinn vrun allem och d'Engagement bei de kommunalen Syndikater, déi sech op knapp 3,2 Mio Euro am Rectifié (erausgerechnet den Office social) an am Budget 2019 sinn et 3,28 Mio belafen.

Voilà, dat wier et mat de Chiffes clés a mat eenzel Detailzuelen.

Merci nach emol allen Servicer fir den Engagement an d'Gedold bei der Opstellung vum Budget. Et ass e net einfach Akt an et gëtt och ëmmer méi schwierig fir den Duerchbléck ze hunn. Merci dem Nathalie Pauly fir d'Koordinatioun vun allem. Merci dem Patty Frisch fir d'Mathëllef bei der Néierschrëft vun der Ried!

Eise Budget léisst sech weisen: et ass den Opportunitéiten vun der Zäit Rechnung gedroe ginn, et ass e Budget mat neien Perspektiven a Chancen fir eis Gemeng, fir eis Bierger. Et ass e Budget fir méi Liewes- a Wunnqualität. Et ass e Budget, deen sech weise léisst. 41,15 Mio Recetten an 35,33 Mio Dépenses / 15,17 Mio Euro Recettes extraordinaires an op der Dépensesäit een Investitiounsvolumen vun 23,16 Mio Euro. Ass dat da Näischt. Zesumme mat de Boni présumé fir 2018 vun 2,83 Mio Euro ergëtt dat e Budget (ouni Zréckgräifen op Friemkapital, ouni neien Emprunt) am Gläichgewicht mat engem Boni vun awer 666 062,44!

**Schëffleng zesumme plangen an developpéieren
fir nei Perspektiven, fir nei Chancen ... dat ass eis Absicht, dat sinn déi
politesch Akzenter, déi sech am Budget 2019 erëm fannen!**